ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12. Februar 2021

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister weiderzeleeden.

Op senger Internetsäit huet ee fréiere Chefredakter vun RTL Radio Lëtzebuerg, de 5. Januar 2021, an engem Artikel iwwert d'Pandemie, geschriwwen:

"Ech hat schonn um Ufank vun der Pandemie drop higewisen, datt de chef de cabinet am Staatsministère, mat RTL e mëndlechen Accord ausgehandelt hat, am Genre: "*RTL kritt Informatiounen iwwer de Verlaf vun der Viruskrankheet als éischte Media a steet an der Konterpartie stramm op der Linn vun der Regierung!*"

Dofir wollt ech dem Här Staatsminister folgend Froen stellen:

1. Gëtt et mëndlech Accorden, tëscht Ministeren oder héije Beamte mat RTL?
2. Ass, wéi hei am Artikel beschriwwen, am Joer 2020, ee mëndlechen Accord tëscht dem chef de cabinet am Staatsministère mat RTL ausgehandelt ginn?
3. Wa jo entsprécht de mëndlechen Accord dem uewen zitéierten Inhalt?
4. Wann nee, wat ass den Inhalt tëscht dësem mëndlechen Accord?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten